Generalversammlung vun der Sektioun AVL vum 16. Mäerz 2012

Bericht vun der Betribsdelegatioun vum Gérard Imbert

Léif Komerodinnen a Kommeroden;
Léif Damen an Hären aus der Politik;

Ech géif iech och heimat begréissen an iech de Rapport vun eiser Betribsdelegatioun virdroen.

An dëser Delegatioun sinn de Carlo Elter; Patrick Clement; Yves Dondelinger; Lou Dondlinger; Alain Bonifas a meng Wéinegkeet.

2011 hate mir leider nëmmen zwou Betribsdelegatiounen, dovun eng am Juni an eng am Oktober, dëst weist iech wéi een enormen Interessi eis Direktioun fir Uleiessen a Problemer vun hirem Personal an Betrib huet.

Emmer erëm gi Sitzunge kuerzfristeg einfach annuléiert, aner Terminer si jo méi wichteg wéi sech mat den Nikkien aus dem Betrib erëm ze schloën!

An der Sitzung vum Juni hu mir dat leidegt Thema vun de Wanterpneuë fir eis Busser nach eemol duerchgeknat, mee leider näischt erreecht, well sou wéi et ausgesäit kréie mir, wann d'Gesetz dann a Kraaft trëtt, nëmme Wanterpneuen op d'Undriwwsachs vun de Bussen.

Eise Betrib ass nach am gaang Etuden ze maachen, wou mir gespaant si wat do schlussendlech als Resultat nach soll erauskommen.

Ech hoffen, datt d'Direktioun dann mol eng Kéier an engem Gelenkbus sëtzt deen iwwer d'Mëttelstachs ewechrutscht a queesch iwwert Strooss geet, da versti se vielläicht endlech wisou mir gäre Wanterpneuen op eis Ween hätten.

Duerno ass et erëm - wéi sou oft - em eis léif Toilette gaangen.

Et sinn e puer Toiletten op den Terminusse bäikomm wéi Eech, Demy Schlechter, déi eise Chauffeuren hir Aarbecht méi liicht maachen. Mee et ginn awer nach ëmmer bei verschiddenen Toilette grouss Problemer, wéi Boy Konen déi awer eréischt ka benotzt gi wann de Chantier eriwwer ass, esou laang musse mir eis mat engem DIXI ploën wat, wann et reent, voll am Bulli steet.

Dann nach déi beim LTML, wou sech no neisten Infoën lo och nach t'Schoul op dëser Plaz queesch stellt an abeemol wëll, datt guer keng Busse méi hei erop bei t'Schoul fueren, do kann een nëmmen de Kapp rëselen, kann dach net sinn, datt der Gemeng ëmmer t'Hänn gebonne sinn an se net mol mat der Fauscht op den Dësch schléit an Décisiounen hëllt.

Wéi laang musse mir nach waarden, well säit 1. Abrëll 2011 fuere mir t'Linne schon hei.

Dann dee leidege Problem op der Linn 18, wou nach ëmmer keng Toilette ass ausser een Dixi wou et besonnesch am Summer sou fäin dra richt.
Et soll eng Nei komme wann d'Abri Busse nei ausgeschriwwe ginn, mee wéi laang et dauert bis endlech eng dohinner kënnt, wees keen.

Här Bausch et géif esou lues Zäit ginn, datt dës Toilettegeschicht, wou mir scho jorelaang drunn dokteren, esou lues Stullgang kritt.

Desweidere soll de Betrib elo endlech och mol eng nei Buswäsch kréien, nodeems jorelaang t'Suen déi heifir virgesi waren, an aner Projeeë gestach gi sinn. Leider wësse mir net a wéi engem Joer se gebaut gett. Et kann dach net sinn, datt t'Leit vum "Call a Bus" mussen hir Ween vun Hand wäschen, well déi al Wäsch t'Fënstere bei dëse Ween futti drecke kann.

Och dréit een dreckege Bus, wou t'Leit mol net mei zur Fënster eraus gesinn, sécher net zu deem neien héichgepushten "Multiplicity Image" vun der Stad bäi.

Dann nach ee leidegt Thema vun eisem neie Refektoir mat sengen neien Duschen.

Hei stenkt et nach ëmmer zum Himmel héich no Kanal an et ass nach ëmmer lëschtegt rätselen, wou da schlussendlech de Gestank hirkomme soll ... gett hei an do gedoktert, an elo

soll da schlussendlech eng Firma, déi sech leider gut Zäit léist fir bei eis unzedanzen, eise Kanalréier mol e kräftegen Duerchzug verpassen.

Dann hate mir fir eis Kollegen déi mam Motorrad schaffe kommen een Mantelbriet gefrot fir datt si hir Motorradkleeder an hiren Helm kéinten ënnerbrengen.

Eng einfach Fro mee eng Staatsaffaire ass et ginn, nach ëmmer gett gerätselt wéi eng Zort Briet et da soll ginn. Mir si sou ee steiwe Verwaltungsapparat ginn, datt mol net méi en einfacht Mantelbriet ka bestallt an un t'Mauer geprafft ginn.

Hät wuel besser eng Dunn an e puer Neel matbruecht an déi un t'Mauer geprafft, sou wir wéinstens eppes do.

Laut neisten Infoë soll da kuerzfristeg endlech eent installéiert ginn.

Et si vill Chauffeuren un eis erugetruede wéinst dem Gezischs an de Volvo-Bussen, sou datt mir dëse wichtege Punkt an t'Sitzung vum Oktober matgeholl hunn.

Hei hu mir dann d'Direktioun op dat lästegt Diregezischs bei eise Volvo-Bussen opmierksam gemaach, a wéi sou oft ginn esou Problemer vun eiser Direktioun net fir sou seriös a wichteg geholl wéi se awer fir d'Chauffeure sinn.

Sou Saache gi mol gären op déi lang Bänk gedréckt, si misste jo mol ee Bréif u Volvo schecken. Blabla dat Üblecht…

Mee et huet misse sou komme wéi et ebe komm ass.

"Hilf dir selbst, dann hilft dir Gott" wäert deejéinege geduecht hunn, deem dat ganzt Gezischs do sou op de Nerv gangen ass, datt hien abeemol eraus fonnt huet, datt wann een ee gewëssene Schalter ëmleet a festklemmt, no kuck, dann héiert dat schäiss Gezischs op an et ass Rou am Bus.

„Da staunt der Laie und der Fachmann wundert sich"

Et hat awer nun ee vergiess de Schalter ze déblokéieren, sou datt et opgefall ass an et dunn wiedergeleet ginn ass, an op eemol ass eis Direktioun aus hirem Dornröscheschlof erwächt, well se abeemol gemierkt huet, dat do wir ee grave Sécherheetsproblem an huet mat Aushang direkt op t'Chauffeure geklappt. T'Chauffeure missten dat direkt ënnerloossen an droë voll t'Verantwortung an t'Konsequenze vun hirem Handelen, wa se dat dann awer maachen.

Direktioun schreift se hätt lo d'urgence V & M domat beoptragt direkt ee Bréif u Volvo ze maachen, fir datt dat Zischen ophéiert. Aber Hallo! – Hate mir eis Direktioun, wéi ech virdrunner gesot hunn, net schon am OKTOBER dorober higewisen?

Nujee deen Aushang ass am November erauskomm, an hei gesäit ee ganz gut, an och fir iech Här Bausch, wat eis Direktioun ënnert dringend versteet, well se zischen haut nach ëmmer (an dëst hunn ech haut nach selwer iwwerpréift).

Et misst een eiser Direktioun mol esou een Apparat op de Büro neelen, fir mol ze kucke wéi laang en hei zischen géif?

An hei nach ee gut Beispill wéi grouss den Interessi vun der Direktioun un hirer Belegschaft ass et sollt leider keng Pensionärsfeier gemaach ginn, well laut Argumenter vun der Direktioun, beim Personal keen Interessi u sou enger Feier géif bestoën.

T'Fro kann ee sech awer stellen op dëst net mat deem gudde Betribsklima zesummen hängt wat eis Direktioun an der Läscht verbreet …

Mee ech kommen herno nach op dat super Betribsklima zréck.

Gott sei Dank hu sech hei e puer vun eise Pensionäre mat der Hëllef vun eisem alen Direkter, den Här Feltz, op t'Been gemeet fir awer eng Pensionärsfeier ze maachen an eis Pensionnären ze éieren.

Dës Feier wor sou ee groussen Erfolleg, datt iwwer 100 Leit zesumme feiere konnten.

Sou eppes war nach ni do!!!!!!

Chapeau fir eis engagéiert Pensionären, déi eiser Direktioun mol gewissen hu wéi een et mecht a wou den Hummer hängt.

Da läit eise Léit nach dee leidege Problem béis um Mo, wéi t'Congéssituatioun am Moment am Betrib ass, ëmmer erëm bekloe sech Chauffeuren, datt se kee Congé kréie fir mat hirer Famill kënnen an d'Vakanz ze fueren.

Den Här Zelosse jongléiert gäre mat Zuelen a besonnesch mat dësen aus senge Statistiken.

No dëse Statistiken hunn dem Här Zelosse no iwwer 80% vun de Leit aus der bevorzugter Grupp hire Congé kritt, wéi si hie gefrot haten; 20% hunn och hire Congé kritt noodems se bei hien an de Büro waren a mat Roudeeg a Wisselen hin an hir gespillt hunn, bis et dann awer gaangen ass.

Jo mat esou Zuele kann ee sech bretzen, mee dobäi gesäit een net wat sech an der 2ter Grupp an hannert de Kulissen ofgespillt huet.

An der 2ter Group ass et net méi sou rouseg, well hei hunn nëmmen 20% vun de Leit hire Congé kritt wéi se e gefrot haten an awer 80% net.

Dat ass bei verschiddene Chauffeuren esou wäit gaangen, datt si een Dag kritt hunn, deen nächsten net dann erëm een Dag Congé an erëm een Dag net, bis d'Woch voll war. Déi Deeg wou se kee Congé kritt hunn, hunn dës Leit missen, laut dem Här Zelosse, selwer kucke fir mat anere Chauffeuren ze wisselen, soss géife se guer kee Congé kréien.

Wéi soll mat esou Spillereien ee Chauffeur wegl eng Vakanz fir sech an seng Famill buche kënnen, mengt dir de Reesbüro géif extra op esou Léit warden???

Et gett ëmmer vill geschwat vum "Bien-être au travail", mee bei eis sinn dëst nëmmen eidel Wieder, wéi soll ee Chauffeur säi "Bien-être" fannen, bzw. Kréien, wann hie sech mol net eng oder zwou Woche vu sengem stressegen Job an enger Vakanz erhuele kann.

Als lescht nach ee puer Punkte fir lech Här Bausch wou dir kennt de Chauffeuren herno Ried an Äntwert stoë wann der wëllt.

Dir kennt iech sécher u meng Mail erënneren, déi ech iech gemeet hat mat Bild iwwert déi Zoustänn owes op der Gare, wou d'Autoën a 4 Reien do stinn a d'Busse mol net an hir Quaië kommen. Dir sollt jo zesummen eng Réunioun mat den Acteuren, wéi Police a CFL maachen, leider huet dëst nach net vill Friichte gedroen. Freides Owes géint 6-7 Auer halen nach genau esou vill Autoën hei an et schéint kee Mënsch ze stéieren.

D'Police firt heiansdo kucken, schreift och ab und zu op, awer méi geschitt hei net.

Wéi soll et hei weidergoen? Muss als éischt en Accident geschéien éier mol haart duerchgegraff gett?

Als leschte Punkt bleift nach dat supergut Betribsklima wat eis, a besonnesch mir, op d'Gal dréckt, an ech bieden iech, Här Bausch, gut no ze lauschteren, datt da mol héiert wéi ee supergut Betribsklima zu Hollerech ass.

Fann dir dat normal, datt t'Chauffeure bei Aggressioune gesot kréien „Mir kënnen d'Leit dobaussen net änneren, mee mir kënnen t'Chauffeuren änneren" oder, datt se een Disciplinarverfahren op t'Panz kréien, well si net méi mat engem Member vun der Direktioun schwätze wëllen, well dësen hinne gedroht huet?

Hei gesäit een, wéi d'Direktioun zu hirem Personal steet.

Fann dir dat nach normal, datt ee Chauffeur eng "demande d'explication" schreiwe muss, well iergendeen dobaussen schreift de Chauffeur hätt sai Winker am Kreesverkeier vergiess, an hien hätt doméinst misse méi fest bremsen?

Fann dir dat normal, datt d'Direktioun ëmmer gäre vergësst, datt et och ee Reglement gett, wéi sech ee Client am öffentlechen Transport ze behuelen huet, mee awer ëmmer Schold bei de Chauffeure gesicht gett an d'Clienten ëmmer Entschëllegunge geschriwwe kréien och wann se am Fehler waren, an dëst och oft nach vum Schäfferot, dee mat Sécherheet net ëmmer wees, wat do hannert sengem Réck vun eiser Direktioun gedriwwe gett?

Fann dir dat normal, datt ee Chauffeur an da Entrevue mat der Direktioun mol kee Personalvertrieder zu senger Verteidegung däerf mathuelen?

Dëse Personalvertrieder deen de Chauffeur kéint ënnerstëtzen an awer och an dëser ugespaanter Situation schlichtend tëscht da Direktioun an dem Personal awierken.

Leider ass deem awer net esou, eis Direktioun awer däerf mat 3 Leit do sëtzen, an dem betraffene Chauffeur seng Aussoën zerplécken a verdréien, an d'Leit bal esou wéi zu Gestapo's Zäite verhéieren.

Mir fannen dat net richteg, well all Dohirgelafene kritt bei Geriicht een Affekot gestallt.

Wéi kann eng Direktioun vun hirem Personal Respekt verlangen, wann si mol selwer kee Respekt virun hirem Personal huet.

Dëst Personal, wat Dag an Dag aus, e respektablen an luewenswerten Job mecht an dëst trotz Stress, Agressiounen a schlechtem Betribsklima.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren an ginn elo d'Wuert weider.

Gérard Imbert